N°1886
Entrée le 27.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden op d' parlamentaresch Fro Nummer 1886 vum 04. Februar 2025 vum honorabelen Députéierten, dem Här Sven Clement

Et ass wichteg ze ënnersträichen, dass d'EU keng fundamental Ännerung vun der Flüchtlingskonventioun vun 1951 plangt. Esou eng Ofännerung misst, wann iwwerhaapt, am Kontext vun der UNO diskutéiert ginn. D'Diskussiounen op déi déi honorabel Députéierte verweisen, hunn sech op déi generell Gestioun vun der Migratioun an de Retoure bezunn a wéi een déi kéint verbesseren.

D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech ausdrécklech fir d'Respektéiere vun internationalem Recht an de Grondrechter an. An dësem Sënn ass et wichteg, d'Europäesch Mënscherechtskonventioun, d'Europäesch Charta vun de Grondrechter, d'Genfer Flüchtlingskonventioun, sou wéi all aner international Traitéen ze respektéieren.

Och wann verschidde Memberstaaten eis international Rechtsuerdnung op déi eng oder aner Aart a Weis a Fro stellen an der Meenung sinn, dass dës Traitéen aussergewéinleche Situatiounen deenen si ausgesat sinn, net méi entspriechen, steet d'Lëtzebuerger Regierung weiderhin fest hannert den internationalen Traitéen, déi a Kraaft sinn.

Europa huet gewisen, dass wa mir mat aussergewéinlechen Ëmstänn konfrontéiert sinn, appropriéiert Äntwerten dorop fonnt kënne ginn, ouni déi international Rechtsuerdnung mussen ëmzeänneren.

Dofir stellt d'Regierung dat aktuellt internationaalt Asylrecht net a Fro, mee begréisst de néie Migratiouns- an Asylpakt, den d'Legislatioun op EU-Niveau am Aklang mam internationale Recht reforméiert, ausdrécklech. Dëse Pakt, dee bis Summer 2026 ëmgesat muss ginn, enthält och Schutzmoossname fir de Respekt vun de Grondrechter, besonnesch vu vulnerabele Persounen.

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN